# Sportsdeddessen Sponsoring

## Grand Garage Paul Wengler, Ettelbreck

Ee weidert Joer ënnerstëtzt eis dëst Joer nees de Grand Garage Paul Wengler als Haapsponsor bei eisen Aktivitéiten an Eventer. Nët nëmmen um Autosfestival, mee daat ganzt Joër iwwer kënnt dir beim Grand Garage Paul Wengler zu Ettelbreck gudd Affairen op neien an gebrauchten **Autoen** maachen. Ob Ford, Mustang, oder Aston Martin, denkt also bei ärem nächsten Autokaaf drun, dass mir als Sportsdeddessen do natiirlech och dovunner profitéieren!

## Asport, Angelduerf a Wickreng

“Sport meets Fashion” an “Asport meets Sportsdeddessen”. No e puer Joër erfollegräicher Zesummenaarbescht mam Asport, wëllen mer Iech och dëst Joër nach eng Kéier drun erënneren, dass dir als Memberen vun de Sportsdeddessen de Veräin aktiv kënnt finanziell ënnerstëtzen andeems der fläisseg beim Asport akaaft. Wann dir eng Asportkaart hutt, da kritt dir selwer 10% Reduktioun op der Rechnung an der Kees. Är Kaart muss da just nach beim Asport op “Sportsdeddessen” geflagt sin, a schon kréien d’Sportsdeddessen e klengen Prozentsaatz vum Total vun ären **Akeef** als Note de Crédit guddgeschriwwen, fir neit Matérial fir eise Veräin ze kaafen. Scheckt eis dofir och d’Nummer vun den Asportkaarten (respektiv d’Nimm an d’Adressen) vun ären Familienmemberen déi eng Asportkaart hun eran fir eis ze ënnerstëtzen. Am viraus schon ee groussen Merci dofir dass dir duerch den Akaaf vun neier **Sportsbekleedung**, neiem **Wantersportgeschier**, neiem **Velo** oder soss Saachen beim Asport och tatkräfteg d’Sportsdeddessen ënnerstëtzt!

## Reiff Masutt - Gulf, Marnach

Falls dir nees am Wanter **Masutt** braucht fir ze hëtzen, dann denkt an Zukunft un Reiff Masutt vu Maarnech. Är Bestellungen bestëmmen wéivill finanziell Ënnerstëtzung dass d’Sportsdeddessen kréien. Dir braucht bei der Bestellung just ze soen, dass der Member vun de Sportsdeddessen sidd a scho kritt dir nët nëmmen ee besseren Präiss mee pro 1000 Liter Musutt déi vun eisen Memberen bestallt gin, do kritt eisen Veräin 10€ iwwerwisen!

## Fabrik, Choco a Koeppchen

Mir hu säit dësem Joer eng Rei Fidelitéitskaarten kritt déi an der Fabrik zu Miersch, am Choco an der Hollerecher an am Koeppchen zu Wuermer kenen gebraucht gin. Einfach beim Bezuelen d’Kaart weisen a scho kritt de Veräin um Montant vun der Consommatioun een Deel Cashback iwwerwisen. Mir wieren ganz frou wann déi déi regelméisseg an d'Fabrik, Choco oder Koeppchen ginn sech géifen bei eis mellen, da gi mer iech eng Kaart mat an dir kënt esou eisen Veräin ënnerstëtzen andeems dir op déi Top-Locations een drenken respektiv eppes iessen gidd! All Member kann dann dovunner profitéieren, vu dass mir doduerch bei villen Aktivitéiten, bei de Velosuniformen, etc.  eppes kenen bäileen.

**Summercup 2014 Sponsors:**